## PRÄIS VUN DER KONZESSIOUN


D'Begruewen oder d'Streeë vun de Äschen ass gratis. Et kritt keen eng Grafkonzessioun, dat heescht et ka keen eng oder méi Plaze reservéieren. De finanzielle Bäitrag, fir d'Plaquette an d'Gravur, kascht 200€.

## AM STIERFFALL

Den Doud muss an där Gemeng gemellt ginn, wou den Doudege gestuerwen ass. Nodeems d'Famill vum Verstuerwenen de Stierfakt an d'Transporterlabnis kritt huet, soll se den Etat civil vun der Säller Gemeng kontaktéieren, fir d'Begriefnis um Bëschkierfecht ze organiséieren.

*Tel. 23 63 22-22 - Mail : population@saeul.lu*





Gemeng Säll

# DE BËSCHKIERFECHT

De Bësch als lescht Raschtplaz !

D'Gemeng Säll huet e Bëschkierfecht um « Ditzebierg » amenagéiert. Et sinn 8 Beem erausgesicht ginn, op enger Fläch vun ongeféier 10 Ar.

De Kierfecht ass exklusiv fir d'Begruewen oder d'Streeë vu mënschlechen Äsche reservéiert.



## OFLAG VUM BEGRIEFNIS

D'Urn mat den Äsche vum Verstuerwene gëtt vun engem Begriefnisinstitut op de Bëschkierfecht iwwerfouert. Op der Plaz ginn d'Äsche bei engem Bam begruewen, oder op der Streewiss gestreet. Do këmmert e Mataarbechter vun der Gemeng sech drëm.

D'Zeremonië ginn ënner fräiem Himmel ofgehal, de Kierfecht huet keen hëlzen Ënnerdaach. Wann d'Wieder ze vill schlecht sollt sinn, da gëtt eng Baatsch vun der Gemeng opgehaang.

De Bëschkierfecht läit 1.150 Meter vum Parking ewech. Et ass streng verbueden, mat motoriséierte Gefierer dohinzefueren. Dat gëllt och wärend de Begriefnisfeieren a Gedenkzeremonien.

All Bam kritt eng Plakett mat enger anerer Nummer.

Am Agang vum Kierfecht steet e Panneau mat den Nimm, Virnimm, Gebuertsdatumer a Stierfdatumer vun de Persounen, deenen hir Äschen ënnert dem Bam begruewe sinn. Déi selwecht Donnéeën a Streeungsvirgäng ginn och am Stierfregëster vun der Gemeng festgehal.

## BEGRIEFNES-DEKORATIOUN

Wéi säin Numm et seet, läit de Bëschkierfecht matzen am Bësch, an ass en Deel vun der Natur. Eng Grafdekoratioun gëtt dowéinst iwwerflësseg, den natierleche Kader ass déi schéinst Dekoratioun, an déi verännert sech mat de Joreszäiten.

D'Ofleeë vu Gerben, Kränz oder Blumme beim Begriefnis, grad ewéi all Zort vu Planzen, an d'Ubrénge vu speziellen aperséinlechen Zeechen duerno, ass verbueden.

D'Natur steet hei iwwert de mënschleche Wënsch.

